DEMOKRATESCH PARTEI

# EUROPA.
# STÄERKEN, WAT EIS SCHÜTZT.

## Kuerzwalprogramm



# KUERZWALPROGRAMM FIR D'EUROPAWALE VUM 9. JUNI 2024

## VIRWUERT

D'Europäesch Unioun ass zanter Joerzéngten de Garant fir **Fridden, Stabilitéit a Wuelstand**. D'Wäerter vun hirer Politik hunn als Zil, de Mënschen e Liewen a Fräiheet an a sozialer Sécherheet z'erméiglechen.

Ma d'Zäite si méi mouvementéiert ginn an de leschte Joren – an Europa, an an der ganzer Welt. Mir si konfrontéiert mat **gesellschaftleche Remaniementer, dem Klimawandel a mat geostrategesche Risiken**.



Mir kënnen dës grouss Erausfuerderungen nëmmen da meeschteren, wa mir **d'Problemer an Europa zesummen upaken**! Mir kënnen déi Aufgaben, déi ee Staat net eleng packe kann, nëmmen zesummen als Europäerinnen an Europäer léisen. Dat gëllt besonnesch fir eist klengt Land am Häerz vun Europa: Lëtzebuerg ass staark, wann Europa staark ass.

Dofir brauche mir eng Europäesch Unioun, déi **selbstbewosst, widderstandsfäeg a virun allem handlungsfäeg** ass. Mir mussen d'EU an hir Institutiounen elo stäerken: fir e Liewen a Fridden an a Fräiheet, mat Wuelstand a sozialer Sécherheet. Mir dierfen dobäi keng Zäit verléieren!

**Europa. Stäerken, wat eis schützt.**

Dofir sti mir, dofir steet d'Demokratesch Partei.





# D'MËNSCHEN AN EUROPA STÄERKEN

D'Europäesch Unioun erméiglecht hire Bierger e relativ héije Liewensniveau – mat sozialer Sécherheet, gesellschaftlecher Participatioun, perséinlecher Entwécklung a gesellschaftlechem Wuelstand. Fir dat och an Zukunft ze garantéieren, brauch d'EU eng gerecht Sozialpolitik, déi deene Leit hëlleft, deenen et net esou gutt geet, an eng konkurrenzfäeg Wirtschaftspolitik, déi de Standuert Europa laangfristeg stäerkt.

**Dofir wäerte mir:**

- eis fir eng **konkurrenzfäeg, resistent an nohalteg Wirtschaft** asetzen, déi Aarbechtsplaze schaaft;
- keng nei administrativ Barrièren an Europa schafen, bis eng Strategie fir eng spierbar **Reduzéierung vun der Bürokratie** virläit;
- dofir suergen, datt d'Salariéë kënne méi am Teletravail schaffen, fir hir **Work-Life-Balance** ze verbesseren;
- déi europäesch Zesummenaarbecht am **Gesondheetswiese stäerken** an déi medezinesch Produktiouns- a Lagercapacitéiten ausbauen, fir sécherzestellen, datt d'Mënsche kënnen zouverlässeg mat Medikamenter a mat medezineschem Material versuergt ginn;
- **géint all Forme vun Dumping virgoen**, besonnesch wat d'Standarden a punkto Soziales an Nohaltegkeet betrëfft;
- **all Poursuite an Diskriminatioun** vu Mënsche wéinst hirem Geschlecht, hirer sexueller Orientéierung a wéinst all aner Form vun hirer Identitéit **bekämpfen**;
- den **europäesche Permis fir Leit mat enger Behënnerung** séier aféieren, fir eng eenheetlech Unerkennung vum Statut – an esou e méi einfachen Accès zu Servicer ze garantéieren.



# D'SÉCHERHEET VUN EUROPA STÄERKEN

D'Welt ass déi lescht Jore méi onsécher ginn. De brutale Krich vu Russland géint d'Ukrain huet eis gewisen, datt Europa seng Defense stäerke muss. Dat fonctionéiert nëmmen, wann d'Memberstaate vun der Europäescher Unioun hir Kräften an enger gemeinsamer Aussen-, Sécherheets- a Verdeedegungspolitik integréieren. Dozou gehéiert och, de Schutz virun Internet-Attacken däitlech auszebauen.

**Dofir wäerte mir:**

- keng Zäit méi op dem decidéierte Wee zu engem **Europa vun der Verdeedegung** verléieren;
- eis fir eng Stäerkung vun der EU als **politesch Unioun** asetzen, fir datt d'EU e vollwäertegen Acteur an der Aussepolitik gëtt;
- un der **NATO** festhalen an déi europäesch Defense **méi onofhängeg** gestalten;
- déi technesch an organisatoresch **Zesummenaarbecht vun den Arméien** an Europa ausbauen;
- déi humanitär, militäresch a finanziell **Ënnerstëtzung fir d'Ukrain** garantéieren - wann néideg duerch d'Opnam vu Kreditter;
- eis kuerzfristeg fir e **Waffestëllstand** am Gaza-Konflikt, fir d'Liberatioun vun de Geiselen a fir déi humanitär Hëllef fir d'Zivilpopulatioun asetzen. Doriwwer eraus wäerte mir déi pazifistesch Stréimungen op béide Säite begleeden, fir Verhandlunge fir eng **Zweestaateléisung** z'erméiglechen;
- eng **Fräihandelszon tëschent der EU an Afrika** schafen, déi institutionell Stabilitéit vun den afrikanesche Staaten ënnerstëtzen an eis fir e Sëtz vun Afrika am Weltsécherheetsrot asetzen;
- eis Capacitéiten am Beräich vun der **Cyberdefense** ausbauen.



# D'WÄERTER VUN EUROPA STÄERKEN

Fundamental Wäerter wéi Fräiheet, Demokratie, Solidaritéit a Rechtsstaatlechkeet sinn déi onverzichtbar Basis vun der Europäescher Unioun. Déi Wäerter sinn net verhandelbar a mussen ëmmer vun de Memberstaate respektéiert ginn. Fir déi Grondwäerter nohalteg ze verdeedegen, mussen d'Handlungsfäegkeet an d'Institutioune vun der EU weider gestäerkt ginn.

**Dofir wäerte mir:**

- déi **europäesch Integratioun weider verdéiwen, fir d'Handlungsfäegkeet vun der EU** ze **sécheren**;
- **wierksam Sanctioune** géint Memberstaaten asetzen, déi d'Rechtsstaatlechkeet net respektéieren;
- de **schrëttweise Bäitrëtt vun neie Memberstaaten ënnerstëtzen**, wa garantéiert ass, datt déi Länner déi streng Konditioune vun der EU a punkto stabil Institutiounen, Mënscherechter, Rechtsstaatlechkeet a vun enger staarker Ekonomie (Critèrë vu Kopenhagen) zu all Ament erfëllen;
- **all Zesummenaarbecht mat Parteie refuséieren, déi Nazien an hire Reien acceptéieren**;
- d'**Recht op Asyl verdeedegen** an eis fir méi Solidaritéit bei der Opnam vun Demandeurs d'asile duerch d'Memberstaaten asetzen.



# D'ZUKUNFT VUN EUROPA STÄERKEN

Europa ass dofir responsabel, fir d'Zukunft vun de kommende Generatiounen nohalteg ze gestalten. Aufgaben ewéi déi wierksam Bekämpfung vum Klimawandel, d'Verbesserung vun de Chancen op Bildung oder den Ausbau vun der europäescher Infrastruktur si grouss Erausfuerderunge fir déi kommend Joerzéngten, déi d'Memberlänner aus der EU nëmmen zesumme bewältege kënnen. Mat esou Investissementer séchere mir schonn haut de Wuelstand an d'Liewensqualitéit vun eise Kanner a Kandskanner.

**Dofir wäerte mir:**

- eemoleg Efforte fir d'Produktioun vun **erneierbaren Energië** realiséieren, fir eis méi séier aus der Ofhängegkeet vun de fossillen Energien ze léisen;
- konsequent an den **ökologeschen an digitale Wandel** investéieren;
- d'Engagementer aus dem **Accord vu Paräis** a vum **Green Deal** anhalen;
- weider **an d'Fuerschung an an d'Entwécklung investéieren**;
- d'**Infrastruktur konsequent ausbauen**, z.B. besser Zuchverbindungen (vun an op Lëtzebuerg an Nuetszich);
- **an déi parascolaire Bildung investéieren** an d'Harmoniséierung vun de Bildungssystemer – zemol am Kontext vun der **Unerkennung vun de Schoulofschlëss** – weiderdreiwen;
- **Austauschprogrammer fir d'Ausbildung an d'(Fräiwëllegen-) Aarbecht, wéi Erasmus +, quantitativ a qualitativ ausbauen**, fir jonke Leit ze hëllefen, fir en héichwäertege Beruff ze léieren.

EUROPA.
STÄERKEN, WAT EIS SCHÜTZT.

DEMOKRATESCH PARTEI
2A rue des Capucins,
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21 | dp@dp.lu | www.dp.lu